Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 19. Mäerz 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°3567 iwwert d'Sperrung vun den Nordstroosstunnelle schreift d'Madamm Minister ënner anerem dat hei:

"*No de Resultater vun éischten Analysen konnt d'Stroossebauverwaltung elo eng Commande fir Ersatzdeeler an Optrag ginn. D'Zerwisser vun der Stroossebauverwaltung stinn dobäi weiderhin a permanentem Austausch mat de Fournisseure fir eng zäitno Produktioun a Liwwerung vun de Stécker ze kréien, an domat de Problem sou schnell wéi méiglech ze behiewen. En Datum kann leider haut nach net genannt ginn, well een hei op den Fournisseur ugewisen ass, an d'Austauschstécker mussen hiergestallt ginn*".

Et ass eng Tatsaach, datt elo scho säit Méint zéngdausenden Automobiliste mat massivem Stau an domat massivem Zäitverloscht konfrontéiert sinn. Et stellt sech an deem Zesummenhang déi akut Fro, vu datt d'Madamm Minister vun Ersatzdeeler schwätzt, déi mussen ausgetauscht ginn, firwat hei net vorausschauend geduecht gouf an ob et sech hei net ëm Aarbechten handelt, déi am Hibléck op de normale Materialverschläiss virauszegesi waren.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi eng Liewensdauer gouf vu Säite vum Hiersteller fir déi entspriechend Stécker versprach? Wéi eng Garantie gouf am Kontrakt festgehalen a wéi wäit spillt déi am aktuelle Fall?
2) War eng regulär Verschläissdauer vun deene genannten Ersatzdeeler virauszegesinn an a wéi engem Zäitraum hätten se bäi normaler Liewensdauer sollten nei bestallt ginn, respektiv war am Kontrakt schonn en Zäitpunkt festgehalen, vu wéini u se missten automatesch verfügbar sinn, fir den Impakt op de Verkéier bäi engem plangméissegen Austausch op e Minimum ze reduzéieren?
3) Gesäit d'Madamm Minister vir, bäi der Bestellung vun den Ersatzstécker eng méi laangfristeg a streng kontraktuell Garantie wéi bis ewell ze verhandelen, fir datt séchergestallt ass, datt den Hiersteller hei net duebel vum Steierzueler profitéiert? Falls net, firwat net?
4) Gesäit d'Madamm Minister vir, bäi der Bestellung vun den Ersatzstécker eng kontraktuell Garantie, bis wéini den Hiersteller an Zukunft nei Stécker muss liwweren, ze verhandelen? Falls net, firwat net?

5) D'Madamm Minister huet an der Äntwert op d'Fro Nummer 3567 och drop higewisen, datt sämtlech 52 Ventilatore vum Hiersteller an den Tunnelle Grouft a Stafelter hu missen iwwerpréift ginn. Goufen dobäi weider Probleemer festgestallt? Falls jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten